Annexe 3

CONTOURNEMENT

Déi gréng sinn och der Meenung, dass d'Liewensqualitéit vun de Käerjenger Bierger ontragbar ass. Dëst betrëfft esouwuel déi Leit, déi op der Lëtzebuergerstrooss wunnen, ewéi och déi Leit, déi an de Niewestroossen wunnen. Ëmmer méi Stroossen an der ganzer Gemeng ginn nämlech als Schläichwee genotzt.

Et ass guer keng Diskussioun, et muss einfach eppes geschéien!

Eigentlech kinnt schonns kuerzfristeg esou munches gemat gin.

Duerfir, fir punktuell Verbesserungen envisagéieren ze kënne, froen déi gréng säit längerem fondéiert Zuelen an Datenmaterial iwwert de Verkéier zu Käerjeng. Allgemeng Zuelen, wéi vill Autoen a Camion bei eis duerchfueren leien eis zwar vir. Mä fir wierklech kloer stellen ze kënnen, dass et virun allem den Duerchgangsverkéier ass, deen eis Stroossen belaascht, muss eng Ëmfro bei de Chaufferen gemat ginn, vun wou se kommen a wouhin se fueren. Dat gouf och schonns an aneren Uertschafte gemat. D'Autoschaufferen kréien bei de roude Luten en Ziedel an e Bic fir verschidden Donneeën opzeschreiwen a sollen alles nees bei der nächster Lut ofginn. Vu dass se zäitweileg méi ewéi eng hallef Stonn am Stau stinn, hunn se jo gutt Zäit dësen Exercice ze maachen. Géife mir bei dëser Ëmfro erausfannen, dass verschidden Verkéiersproblemer kommunaler Natur wieren, kinnte mir déi schonns direkt gezielt ugoen an no interne Léisunge sichen.

Mat der Ëmfro kinnt kloergestallt ginn, dass de Verkéier op eisen Stroossen net méi hausgematen an hauseegenen ass, ewéi deen an all anerer Uertschaft vum Land och. Den Haaptproblem schéngt bei eis virun allem den nationalen fir net ze soen den internationalen Duerchgangsverkéier ze sinn. Duerfir brauche mir dann och dauerhaft national an international Léisungen**.**

Dës Fuerderung vermessen mir an dëser Resolutioun. Firwat fuerdere mir d'Regierung net op iwwerregional mat eise Nopeschlänner zesummenzeschaffen an Opfangparkingen op d'Grenzen ze bauen, fir de Verkéier ofzefänken, ier en bei eis zum Problem gëtt? Vill Grenzgänger sinn nämlech bereet den ëffentlechen Transport ze notzen. Dat gesinn mir dorun, dass eis Uertschaften zougeparkt ginn well et mam Zuch a mam Bus méi einfach an d'Stad geet ewéi mam Privatauto.

Mat eiser Ëmfro géife mir och erausfannen, wou déi meescht Leit hifueren, déi bei eis passéieren. Esou kinnt een geziilt Bussen organiséieren, déi bei Bedarf och verschidden Z.Ind. géifen ufueren.

Ab 2012 wäert d'Duebelgläisegkeet vun der Zuchstreck Rodange–Lëtzebuerg och schonn Erliichterung fir eis Gemeng mat sech bréngen.

Des ganz Argumentatioun heescht awer net, dass déi gréng der Meenung sinn, dass mir keng Ëmgehungsstrooss brauchen. Déi gréng Käerjeng hunn sech nach ni géint eng Ëmgehungsstrooss ausgeschwat. Si hunn just ëmmer schonns gefuerdert den ëffentlechen Transport konsequent auszebauen, eng Fuerderung, déi kuerzfristeg realisabel wier, an kuerzfristeg schonns eng gewëssen Verbesserung fir eis Awunner kinnt bréngen. D'Liewensqualitéit vum Zentrum kann sech nëmmen verbesseren, wann den Durchgangsverkéier verschwënnt.

-Mir wëssen awer och, dass duerch d'Ausbauen vum ëffentlechem Transport déi ganz Problematik vum Camionstraffic, deen fir Käerjeng net negligeabel ass, nach net geléist ass. Eis Haaptstrooss kann och eréischt zeréckgebaut ginn, wann eng Léisung fir d'poids-lourds fonnt ass.

Wann iwwert den Contournement geschwat gëtt, gëtt och vun enger Natura-2000-Zone geschwat, duerch déi déi geplangten Ëmgehungsstrooss soll duerchgoen.

Wat sinn iwwerhaapt Natura-2000-Zonen? Well déi biologesch Vilfalt an de leschten Jorzéngten weltwäit dramatesch zeréckgaangen ass, ass an de 90er Joeren decidéiert ginn, eppes géint dëst Aartestierwen ze ënnerhuelen. Fir d'Biodiversitéit ze erhalen, gouf 1992 eng europäesch Direktiv geholl, déi all Regierung opgefuerdert huet , schützeswäert Gebidder op Bréissel ze mellen. Well déi urspréngglech (1999) 2002 vun Lëtzebuerg gemellten Zonen flächeméisseg net duergungen, gouf ënner anerem dat Gebitt vun der Käerjenger Gare bis zu den schützeswäerte Päifegraaswissen op Dippecher Territoire 2006 ofgemellt an am November 2009 am Mémorial veröffentlecht.

Ech mengen, et ass och wichteg eemol ze erklären, dass et Ënnerscheeder tëschent enger Natura-2000-Zone an enger Naturschutzzone gin. Vill Leit geheien dat nämlech an een Dëppen. An eisem Fall hunn mir et mat enger Natura-2000-Zone, d.h. mat enger Habitatszone ze dinn. Dëst ass e Liewensraum, wou een Planzen oder Déiere fënnt, déi europawäit vum Ausstierwen bedrot sin. Am Ënnerscheed mat Naturschutzzonen sinn an Natura-2000-Zonen Agrëffer ënnert gewëssen Konditiounen nach méiglech. Wann Agrëffer an dëse Gebidder gemaach ginn, dann muss een déi Agrëffer enger„obligatoresche Verträglechkeetsprüfung“ ënnerzéien, fir secherzestellen, dass déi geplangten Agrëffer vereinbar mat de Schutzziiler sinn. Eventuell mussen Kompensatiounsoplagen erfëllt ginn. Fir déi gréng ass et selbstverständlech, dass d'Trass vun engem Contournement muss esou gewielt ginn, dass se des Habitatzone respektéiert.

Fir nach eng Kéier ze resüméieren:

Wann all dat vun déi gréng gefuerdert Datenmaterial um Dësch läit, an sech dann wäert erausstellen, dass Käerjeng e Contournement brauch, sinn déi gréng déi Läscht, déi géifen Oppositioun maachen. Mir sinn zouversiichtlech, dass mat e bëssen guddem Wellen och eng Léisung fonnt gëtt, fir dat Noerhuelungs-Gebitt tëschent Käerjeng an Suessem weider ze erhalen. Mä wéi gesot , bis eng Ëmgehungsstrooss do ass ginn et eng Rei vun aneren Moossnamen, déi kuerzfristeg schonns eng Verbesserung vun eiser Liewensqualitéit bréngen. D'Zweegleisegkeet vun der Zuchstreck Rodange-Lëtzebuerg wäert och dozou bäidroen.

Mir gréng hunn den Ëmweltschutz grouss op eisem Fändel stoen.; mä dernieft steet grad esou grouss d'Liewensqualitéit vun eise Bierger. Déi zwee Aspekter mussen parallel an gläichwäerteg berücksichtegt ginn.

Leider fiert des Resolutioun fir eis gréng ze vill eng Schinn a fuerdert einfach de laang versprachene Contournement, ouni d'Komplexitéit vum Problem mat ze berücksichtegen, duerfir kann ech mech bei der Ofstëmmung just enthalen.